

# D' ROSALIE

## WELLT FLE'EN.

### Perso'nen:

1. Rosalie Rossbiff.....Médchen vun  
20 Joer
2. Jeanne.....Stewardess 25 Joer
3. Lucie.....Sekretärin 24 Joer
4. Mme Tusch.....Egentömerin vun  
engem Karussel  
45 Joer.

Empfanksbömmen vum Aerodrome. Rechts a lénks Dieren, Fönster am Fong, Schreiw dösch mam Telephon. Dorüwer e Schöld: Passagers-Reisende.- Affichen vum Letzeburger Tourismus, evtl. Landkarten. Still.

Fir de' 4 Perso'nen genügt gewénnlech Strosseklédong. Besser ass natirlech, wann d' Stewardess eng Art Uniformskléd hätt, oder we'negstens d'Kâp oder Képi, d'Mme Tusch och eng Mantisie-Uniform.

## 1. S z é n

Lucie, Mme Tusch, Jeanne.

(We' de Rido opgét, sëtzt d'Lucie beim Schreiw dösch, zo' de Leit gedrét, mat Classeuren a Regöschter a schreiw t.- Geschwönn kent d'Mme Tusch vu lenks eran, mat engem Pâk Reklamen fir hire Karussell)

Mme Tusch : Dir erlâbt jo, Joffer Lucie?

Lucie : (lächelt) Gewöss, Mme Tusch, ganz gär, den Här Direkter huet jo d'Erlabnes gin.

Mme Tusch : Merci, Joffer Lucie. (riffit ganz hårt: Ausrifferto'n) Loftdâf! Loftdâf! Fir er Loftrésen kommt an traine'ert bei ons. Ons Fle'maschinen (Avion'en) sin de' bescht, de' perfektione'erst, o'ni Gefor an hun all Confort.

Jeanne : (kent vu rechts eran, gét lanscht d'Mme Tusch, kritt vun hir eng Reklam)

Mme Tusch : (riffit eröm) Loftdâf! Loftdâf! etc. (we' uewen)

Jeanne : Wann ech mech net iren, dât ass d'Mme Tusch?

Mme Tusch : Dir kennt mech, Joffer?

Jeanne : Me' we' secher, ech wunnen an erer Stross.

Mme Tusch : D'Jeanne! Dem Schneider seng Duechter vu vis à vis.

Jeanne : We' gét et iech, Mme Tusch?

Mme Tusch : Mei le'ft Kënd, dât ass eng E'wegkét dat én dech net me' gesin huet.

Jeanne : Ech wor an de Studien.

Mme Tusch : Wât mechst du dann hei am Aerodrome? (Flughafen) Gés du op Rés?

Jeanne : Mais secher, Mme Tusch, haut de Mötteg fle'en ech no Canada.

Mme Tusch : No Canada? Am Flieger? (Avion)

Jeanne : Natirlech, am Flieger.

Mme Tusch : Net méglech? A ganz aleng?

Jeanne : Net grad eleng, mais mat onse Client'en.

Mme Tusch : Client'en? Er Client'en? Wât fir Client'en?

Jeanne : De' Leit de' a Canada fle'en.

Mme Tusch : Nach émol Canada. Wât der Jômer wölls du nemmen a Canada?

Jeanne : Ech sin hei ugestallt.

Mme Tusch : Wo' ugestallt? Ech komme guer net no.

Jeanne : Et ass awer ganz einfach, Mme Tusch, ech si bei der Verwaltung ugestallt.

- Mme Tusch : Wât fir eng Verwaltung?
- Jeanne : Vun der Air-Lux.
- Mme Tusch : Air-Lux? Ech kommen ermer manner no.
- Jeanne : Ech sin Stewardess, dât wöllt soen: Serveuse an den Avion'en.
- Mme Tusch : Wât sést du do? Du wülls de Géck mat mir mâchen.
- Jeanne : Mais ganz a guer net. Dât ass eng schén Plaatz, a ganz gesicht.
- Mme Tusch : A, da gefälltst du mir. Wann ech mir dech virstellen, we's du eso' als klenzt Médchen durch ons Stross gelâf bass, do gespilt hues an an d'Scho'l gange bass, an elo hues du et eso' weit bruecht, all Respekt. Mais et ass vleicht é gafe' erlechen Beruff, eso' hech an der Lucht?
- Jeanne : Et muss é sichen virun ze kommen an Liewen, Mme Tusch. Ech hu mir dese Beruff gewielt, well ech Fréd drun hun an ech sin och ganz zefriden. Ech gesin vill Länner, ech sin schons durch ganz Europa geflunn, hun all de' sche'n gro'ss Stied gesin, an elo, zanter zwé Me'nt, fléen ech mat op der Streck vun Letzeburg an Amerika.
- Mme Tusch : Et ass awer riskant, an du hues Fréd dounnen?
- Jeanne : Riskant? Net mé, we' en aner Beruff; fir mech ass et eng ideal Plaatz. Ech hun verschidden friem Sprochen stode'ert an ech fannen mech wuel zo'recht.
- Mme Tusch : Nun, jidder Mönch huet seng Ansichten, net wo'er. Et mecht mir gro'ss Fréd, dat ech gesin, dass du eso' gudd place'ert bass; du bass op der Hécht.
- Jeanne : Dât ass gudd gesot op der Hécht, emmer an der Lucht.- Wât ech awer nach well froen, Mme Tusch: dir sit hei am Büro vun der Air-Lux. Huet dir och wölles mat ze fléen, git dir op d'Rés?
- Mme Tusch : Ganz secher, dât ge'f mir schon zo'soen, well ech sin och e böschen vun der Gesellschaft.
- Jeanne : Vun der Gesellschaft?
- Mme Tusch : Du hues dach he'eren, we's du era kumst dat ech Reklam firt d'Sâch gemâch hun.
- Jeanne : Dât ass richtig. Dir huet d'Leit opgemontert zum Fléen, zur Loftdâf.
- Mme Tusch : Kuck elei, ech délen Reklamen aus.
- Jeanne : We' dât sech awer fônd, da schaffe mir jo zesummen an dém selwechten Handwierk.
- Mme Tusch : Wann én et eso' wöllt huelen, mais bei ons get et keng eso' lang Résen.
- Jeanne : Elo verstin ech neischt dervun?
- Mme Tusch : Dât ass eng ganz Geschicht.
- Jeanne : Erzielt mir dât, wann ech gelifft, ech hun nach 10 Minutten Zeit.
- Mme Tusch : Mais lauschter, dât ass ganz bosseg gangen.
- Jeanne : Dir mâcht mech virwötzig?

- Mme Tusch : Stell dir emol vir, mei Mann, onse Jamper, huet vum Monni geierwt.
- Jeanne : Vum Monni Flöpp?
- Mme Tusch : Majo, de gudden Monni Flöpp huet ons sein Karussell vermäch.
- Jeanne : Ech kan mech nach erönnere ére Monni ass mat engem Karrussell vum enger Kirmes zur aner gefur.
- Mme Tusch : Maja, a mir hun de' Sâch iwerholl, an ech kann dir soen, de' Affär ass nach lang net eso' schlecht. An elo kent d'Sâch dat mir vun dér selwechter Gesellschaft sin: et ass e Karussell mat Flémaschinen(Avion'en)
- Jeanne : Ech verstin et, dir macht ons Konkurrenz.
- Mme Tusch : Konkurrenz, mais dât ass en Irtom, just de Contraire, mir hellefen iech virun, mir le'eren d'Leit un ze fléen, bei ons kre'en sie den e'schten Unterrecht am Fléen. A wann sie bei ons geflunn sin, da kre'en sie ere'scht de' richtige Spaas an ér gro'ss Avion'en ze klammen, mir sin Reklam fir iech.
- Jeanne : Meng Complimenter, Mme Tusch, de' Iddi ass ganz gudd, an ech muss dât vun der Konkurrenz zeréck huelen. Dir sit villme' eng Matarbechterin vun onser Gesellschaft.
- Mme Tusch : Geseis du. Well ér Gesellschaft dât och agesin huet, hun se mir eso' guer d'Erlabnes gin, meng Reklamziedelen hei am Flughafen auszedélen. E ganz schicken Geste vum Här Direkter.
- Jeanne : Ganz interessant.
- Mme Tusch : An d'Sâch zitt, de' méscht Leit, de' hei eraus gin, kommen bei ons a probe'eren ons Flémaschinen.
- Jeanne : Sitt dir dann net weit vun hei stationne'ert?
- Mme Tusch : Ma nén, kuck dobaussen geseis du se durch d'Loft flitzen (sie kucken zur Fönster eraus)
- Jeanne : Ech krit och nawell Loscht.
- Mme Tusch : Geseis du. Ech konnt dech ömmer gudd leiden, du kriss vu mir é Billet fir eng gratis Fahrt.
- Jeanne : Do darf én net nén soen, Mme Tusch, ech huelen un. D'Fléen önner alle Formen ass fir mech eng Leidenschaft gin. Mais entschöllegt mech, an enger Ve'erstellung muss ech a mangem Avion sin.
- Mme Tusch : An der Rei, mei Kand, a gudd Rés.
- Jeanne : Merci, Mme Tusch. Ech kommen iech besichen, wann ech eröm sin.
- Mme Tusch : (fro') Breng mir Knetschgumm mat.
- Jeanne : Mat der gre'sster Plese'er, e ganze Ko'p.(gin sech d'Hand)
- Mme Tusch : (gét no rechts fort, iwerdém sét se) Loftdâf,- Loftdâf.-Fir ér Loftrésen kommt en traine'ert bei ons. Ons Flémaschinen sin de' bescht, de' perfectionne'erst, oni Gefor an hun all Confort.

## 2. S z é n

Lucie a Jeanne.

Jeanne : (gét op d'Lucie duer, get him d'Hand) Bonjour Lucie.

Lucie : Bonjour Jeanne.

Jeanne : Ommer vill Arbecht?

Lucie : Ech mengen eso' Touristensaison. (Telephon rabbelt) Allo, Air-Lux.- Jo, Madame, hei ass de Büro.--- Ech lauschteren.----- Wât gelifft, Madame?----- Nén, Madame. (lauschert eng Zeit lang) Gudd, Madame----- Ech note'eren mir et, dir könnt iech op mech verlossen.-- Ganz a guer net, Madame. Keng Ursach, dât ass gär geschitt, duerfir si mir do. An der Rei, bonjour Madame. (hänkt an, zum Jeanne) Do ass eng bosseg Geschicht, stell dir dât emol vir. Do ass eng Madame vu Gasperech, de' huet e Médchen, et héscht Rosalie Rossbiff, dât ass fortgangen a sot, et geng mam Avion hém an d'Esleck, no ....(irgend en Dueref) fléen. Sie sét mir et wir ganz opgeregt, a wann et kent, soll ech et zössen, dass et dé Plang opget a bei d'Madame zeréckgét.

Jeanne : Et schengt, du kriss mat allerhand Leit hei am Büro ze din?

Lucie : Et ass heiandsdo ganz amuse'erlech hei. Ech kann dir soen den Härgott huet allerhand Kaschtgänger op der Welt erömlâfen. Du mengs, sie hätten e Bried virum Kapp, a wann se eppes gepâkt hun, da bringst du sie mat de'ne beschten Argumenter net vun hire verréckten Iddien erâf.

Jeanne : Ech wönschen dir all Gudds, besonnesch met dem Rosalie, dem neie Client. Ech muss mech fleissen, soss kommen ech ze spét... Addi bis de' nächst Woch.

Lucie : Gudd Rés an glécklech Rutsch.

Jeanne : Gudd Wieder virum allem, merci. (gét lenks aus)

## 3. S z é n

Lucie, Rosalie. (D'Lucie schreiwt, geschwönn kent d'Rosalie vu rechts eran, nervös, eng Valise.)

Rosalie : (kuckt ronderöm, sicht, geseit d'Schöld) Pas-sa-gers Rei-sen-de.- Dât muss et sin (zum Lucie) Dir verkâft Billets fir mat der Flémaschin?

Lucie : Gewöss Joffer, wât wir gefälleg?

Rosalie : Bong, da sin ech zefridden. Muss én sein Numm ugin?

Lucie : Natirlech, fir iech eng Plâtz ze reserve'eren, muss én onbedengt èren Numm wössen.

Roslaie : Ech héschen Rosalie Rossbiff.

Lucie : Gudd, sitt dir schon gerést?

Rosalie : Wât eng Fro,ma gewöss. Ech sin aus dem Esleck komm, mam Camion, mam Zuch a mam Autobus, an hei an der Städt sin ech schon mam Tram gefuer.

Lucie : (fir sech) Dât ass et, uecht din (zum Rosalie) Wo'hin wöllt dir résen?

- Rosalie : Ech wöll bis no (Ducref am Esleck) fléen.
- Lucie : Dât leit am Esleck; ech wés net wo' a mir hun keng Verbindong dohinnen, mir müssen e Flughafen hun, wo' mir lande können.
- Rosalie : Da kennt dir er Géographie schlecht, wann dir nôt wösst wo' dât leit.
- Lucie : Ech muss et agestoen, dass ech de' Dierfer net all kennen, mais nemmen d'Verbindongen mat de'ne gro'ssen Aerodromen.
- Rosalie : Mais et ass net weit vun Olwen a we' d'Flugfest do war, sin d'Flémaschinen dâch do an de Wisen gelandt.
- Lucie : Dât woren ganz klenger, mais de' gro'ss Avion'en können dât net. Do huet dir dâch direkt Verbindong mam Zuch bis Olwen.
- Rosalie : Mam Zuch? Mais mir hun dohém keng Statio'n. Gét et da mat ere Flémaschinen net we' mam Autobus? Hâlen de' net allenennen stall?
- Lucie : Dir wöllt de Géck mâchen? Et geseit én, dir huet guer keng Anong vun de'er ganzer Fléerei.
- Rosalie : Mengt dir ech hätt nach keng Flé gehât? Dann irrt dir iech.
- Lucie : Ech schwätzen hei vun den Avion'en, vun de Flémaschinen.
- Rosalie : A so', bong, elo gi mir éns. Kuckt ech muss eso' se'er we' me'glech fort vun hei. Ech hun nämlech he'eren dat mein Freier sech sollt bestueden.
- Lucie : Dât ass bosseg. Wann ere Freier sech sollt bestueden, dann dâch secher mat iech?
- Rosalie : Ma nén, dât ass et jo. De Pâne Jang, en décke Bauer vum ieweschten Haff, huet nemmen é Médchen. Sie hun vill Geld, awer hatt ass ganz tôpech.
- Lucie : Maja, do hu mir d'Saach.... Wann se reich sin, get net vill nom aner Rescht gefrôt.
- Rosalie : Ech ferten, wann ech net zur Zeit kommen, da lésst mein Freier sech beschwätzen, zemol wann hien den décke Geldsäck geseit.
- Lucie : Och nach dât.
- Rosalie : Mei Brudder ass Kantonnier, an dén huet mir et gesôt. Dir könnt iech wuel virstellen, we' opgerégt ech sin. An duerfir muss ech énzock fort... A wât fir eng Flémaschin kann ech klammen?
- Lucie : Et dét mir léd, Joffer Rosalie, mais dir sit hei net op enger Gare, wo' én an den Zuch klemmt. Bei ons gét et aneschter, wann é wöllt matfléen. Mir hun och onse Fahrplan, mais do muss én sech aschreiwén. Mir hunn nemmen eng bestömmt Zuel vu Plätzen, duerfir müssen se reserve'ert sin an 8 Dég viraus bestallt sin.
- Rosalie : Hackerstiewel, wât huet dir en drolegen Boutik hei. An eso' é Billet kascht deier?
- Lucie : Natirlech ass et vill me' deier, we' am Zuch, mais wann e Retour höllt, ass et selbstverständlech me' bülleg.
- Rosalie : An ech misst nach mam Zuch a mam Autobus furen. Dât ass dâch net méglech?

- Lucie : Jo, dât ass eso' mat de Preiser. Dir musst awer bedenken dat et mam Avion hönkert mol me' se'er gét.
- Rosalie : Mais dir huet et nawell eraus fir de Leit d'Geld ofzeknöppen.
- Lucie : Joffer Rosalie, duerfir kann ech dach net, ech sin nemmen hei ugestallt.
- Rosalie : Maja, an an de'er Zeit entwöscht de Pir mir.
- Lucie : Dât dét mir jo léd.
- Rosalie : An dir hölleft mir awer net.
- Lucie : Jo, do hätt dir fir d'e'scht iech misse renseigne'eren an onsem Büro an der Städt.
- Rosalie : Jé, jé, op der Bunn an der Gare mâchen se keng eso' Fisematenten an et ass will me' bölleg.
- Lucie : A bei ons ass nach e ganze Ko'p Formalite'ten ze erlédigen, ir é ka matfléen: ére Pass, ért Gepäck muss note'ert gin, Douane, Kontroll vun der Identité, d'Gewicht vun de Résenden.
- Rosalie : Muss én och nach gewieen gin?
- Lucie : Natirlech, den Avion darf net iwerluede gin.
- Rosalie : Dann huet dir secher keng Schwe'ermamme mat?
- Lucie : Mais op der aner Seit, ons Avion'en hun de' modernst Arichtong: schalldicht, Klimaanlage, Pullman-Klubsessel.
- Rosalie : Ech hu Pullman genuch.
- Lucie : Loss mir net iwerdreiwen.
- Rosalie : Emmer besser. Sin och Cabinet'en dran?
- Lucie : Dir wöllt soen W.C.
- Rosalie : Maja, mat Wässerspill?
- Lucie : Dovunnen schwätzt én net.
- Rosalie : Ganz we' bei menger Méschtesch.
- Lucie : Iessen an Drenken, Hierz wât begierst du.
- Rosalie : Kritt én och Iessen do?
- Lucie : Mais natirlech, fir lang Résen müssen d'Leit och Iessen kre'en. Mais lauschtert emol, wann dir eso' gâr rést, firwât engage'ert dir iech net bei ons?
- Rosalie : Ech?
- Lucie : Maja, zum Beispill als Stewardess.
- Rosalie : Stewardess? Ech komme gur net no.
- Lucie : Ech konstata'eren, dir musst nach villes an döser Sâch beile'eren. Eng Stewardess ass eng Joffer, de' den Service bei de Leit, onse Passage'er, während der Rés an der Lucht mecht. Sie gött de Leit Renseignementer, besuert de' kleng Kanner ...
- Rosalie : Wât? Get et och kleng Kanner, de' matfléen?
- Lucie : Mais secher, Klenger, Mötteler a Gro'sser an nach vill aner.... Eng Stewardess muss sech öm all Wönsch kömmeren.
- Rosalie : Eppes we' e Médchen fir alles, bonne à tout faire, dât mâchen ech jo och bei menger Méschtesch.

- Lucie : Eng kleng Differenz ....
- Rosalie : Wât Differenz? Dât wir eppes fir mech, bong, ech engage-ere mech.
- Lucie : En Ablack, wann ech gelifft.
- Rosalie : Wann ech gelifft, et ass dach einfach.
- Lucie : Mais nach net grad eso: Wivill Sprôche kennt dir?
- Rosalie : Et get letzeburgesch, fransesch, deitsch, englesch... a chinesesch.
- Lucie : Lues, wât fir Sprôche schwätzt dir?
- Rosalie : Majo letzeburgesch, deitsch an e böschen fransesch.
- Lucie : Dât gét awer net duer.
- Rosalie : Oho, mat de Letzeburger de' résen, kann ech dach letzeburgesch schwätzen.
- Lucie : (lacht) a mat dénen anere Leit de' résen, an dât sin de' méscht?
- Rosalie : De' können sech hirt denken.

## 4. S z é n

- Lucie, Rosalie, Jeanne (kent eran vun lenks).
- Jeanne : Den Départ ass erécht mur de Muergen. D'meteorologesch Statio'nen mellen schwe'er Stirm iwert dem Atlantik. Ech si frei bis muer.
- Lucie : (zum Jeanne) Hei ass eng Joffer, de' och Stewardess wöllt gin. Kanns du hir e puer Erkläronge gin?
- Jeanne : Mais ganz gär. We' ass éren Numm, wann ech gelifft?
- Rosalie : Rosalie Rossbiff.
- Jeanne : (hât d'Lucie bekuckt, wéss Beschéd) Rosalie Rossbiff? Dén Numm hun ech schon he'eren. Dir sitt aus dem Esléck?
- Rosalie : Geburen, op d'Welt komm zo' (Dueref am Esléck we' an der 3. Szén)
- Jeanne : Do ass et schén, an ech hu vill Familjen am Esléck.
- Rosalie : Gelt, net wo'er.
- Jeanne : An da wöllt dir och matfléen?
- Rosalie : Et wir awer nemmen fir eng Rés vu Letzeburg bia an d'Esléck. Et wir fir ze probe'eren, dir verstitt jo.
- Jeanne : Dât ass keng schlecht Iddi, mais ons Gesellschaft mecht keng Extrafahrten.
- Rosalie : Dir huet et all fauschtdeck hannert den O'eren. Wât wir dann do derhanner? Et gét dach net op é Grapp voll un, sét mei Brudder emmer.
- Jeanne : Dât sot dir eso'. No menger Ansicht félen iech verschiden Qualitétén, de' ne'deg sin fir fléen ze können.
- Rosalie : A wât ass, ech si kergesond, hun e gudden Charakter, ka gudd schaffen a feilegen.
- Jeanne : Dounnen zweifelen ech net, dât sin de' Eslécker Leit alleguer... Mais nach eng kleng Frô: Get dir krank um Wasser?



- Rosalie : Jo,- dât ass eso' eng Geschicht. Mir woren émol op der Musel a sin do mat engem Schöff gefuer, mais --- ech wor eso' krank, eso' krank --- entschöllegt --- mais ech hu Long a Liewer erömgin.
- Jeanne : Du hu mir et jo. E gudde Rôt, dén ech iech gin, verzicht léwer op d'Fléen. Dir huet keng Ahnong we' dir do am schlechte Wieder matgeholl giffst gin.
- Rosalie : Mais ech well jo net iwert d'Wasser fléen, et ass jo nemme bis an d'Esléck.
- Jeanne : Fir Leit de' dés gefe'lerlech sin, kent d'Iwelzegkét och iwert dem Land.
- Rosalie : Da bleibt mir soss neischt iwreg we' gär oder ongär op d'Le'ft vu mengem Pirchen ze verzichten.
- Jeanne : Mais da schreiwst him.
- Rosalie : Ech kann dât net.
- Jeanne : Jo dann huet et och ké Wert Stewardess ze gin, wann dir net schreiwé könnt.
- Rosalie : Ech kann dach schreiwén, wann ech geliffst, awer wât ech him ze soen hun, kann ech net eso' ausdrécken.
- Jeanne : Soll ech iech hellefen, eppes präpare'eren?
- Rosalie : (schlét sech widder de Kapp) Firwât konnt ech net e'schter drun denken, ech résen als Bagage an enger Köscht.
- Jeanne : Dât gét net, mir huelen nemme Päck vun 20 Pond, 10 Kilo un.
- Rosalie : Ech weien awer 140 Pond, ech ka mech awer net a Stécker zerléen.
- Jeanne : A wur denkt dir hin.
- Rosalie : Maja, wât géf dât, wann ech a Päck a Stécker ukimm?
- Jeanne : Jé, jé, loss mir mol verstänneg schwätzen.
- Rosalie : Dir huet recht, ech gesin et an dat dât neischt get. Ech wir awer émol gär matgeflunn. All meng Komerodinnen hun hir Loftdâf, an ech hätt se och gär.
- Jeanne : Mais do könne mir iech ganz gudd höllefen.
- Rosalie : Da wir ech fro'.
- Mme Tusch: (hanner der Bühn) Loftdâf - Loftdâf.-Fir er Loftrésen kommt an traine'ert bei ons. Ons Flémaschinen sin de' bescht, de' perfektionne'erst, oni Gefor an hun all Confort.
- Jeanne : Huet dir et he'eren, Joffer Rosalie? Me' eng schén Geléenhét kritt dir net me'.  
(Mme Tusch kent vu rechts eran)

## 5. S z é n

Lucie, Rosalie, Jeanne, Mme Tusch.

Jeanne : Dir kommt grad zur Zeit, Mme Tusch, ech hun hei e Client fir iech.

MmeTusch: Merci Jeanne, fir d'Reklam fir mein Etablissement.  
(zum Rosalie) We' ass et, Joffer, wöllt dir fléen?

- Rosalie : Natirlech, et ass fir d'Loftdâf.
- Mme Tusch: Zo' erem Dingscht, Joffer, Service.
- Rosalie : Muss én och bei iech schreiwen können?
- Mme Tusch: Schreiwen können? Mais ganz a guer net.
- Rosalie : Brauch én och ké Pass, keng Identitétskart, oder muss én och seng Plätz 8 Dég viraus réserve'eren?
- Mme Tusch: Dir macht de Géck.
- Rosalie : A we' ass et, get et engem net schlecht an ere Maschinen?
- Mme Tusch: Dir kritt keng Zeit duerfir, et dauert nömmen 5 Minutten.
- Rosalie : Hackerstiewel, dir flitt me' se'er, we' de' hei.
- Mme Tusch: Ons Maschinen sin Düsenjäger, Joffer.
- Rosalie : An dât kascht deier eso' eng Rés an ere Maschinen?
- Mme Tusch: lo Frang.
- Rosalie : Wât, nemmen lo Frang?
- Mme Tusch: Mais secher, eso' guer Retour mat abegraff.
- Rosalie : Bâl net ze gléwen.
- Mme Tusch: Mais dach, dir kommt exactement eröm do un, wo' mir fortfuren.
- Rosalie : Dât ass gudd, ech gin énzock mat.
- Jeanne : Mais si hun awer ké Wasserspill.
- Rosalie : Dât mecht neischt, et dauert jo nemme 5 Minutten (zur Mme Tusch) Ech kre'en och secher en Zeugnes dat ech d'Loftdâf kritt hun, eso' kann ech jidverengem noweisen dat ech geflunn sin.
- Jeanne : Wann dir drop hält, d'Mme Tusch schreiwt iech an hirt göllent Buch an.
- Mme Tusch: An ech stellen iech e schént, gro'sst Zeugnes aus, dass dir d'Loftdâf kritt huet.
- Rosalie : Dât ass chic. Kuckt, dir verstitt, ech wöll jo net zréckstoen, wann meng Komerodinnen sech bretzen.
- Jeanne : Natirlech, dir sollt och können matschwätzen.
- Rosalie : We' stömmt et mam Iessen während der Fahrt.
- Mme Tusch: Mir hun dât gewe'nlech net, mais mir könnten eng Ausnahm mâchen, wann dir zum Beispill en Abonnement fir én Dâg huet.  
(Den Telephon schellt)
- Lucie : (telephone'ert) Allo.- Jo, hei ass d'Air-Lux.- Ech lauschteren---- A jo, dir sitt et Madame?---- Jo, d'Joffer Rosalie Rossbiff ass hei---- (lauschtert) An der Rei, Madame, ech rîchten d'Commissio'n aus.-- Ech bieten iech, Madame, et ass gâr geschitt---Service.-- Bonjour, Madame.
- Rosalie : Froen se no mir?- Dât ass ganz secher mei Freier.
- Lucie : Jo, et ass fir iech. Er Madame sét mir, ech soll iech matdélen, dir sollt iech bero'egen. Et ass en Telegramm vun èrem Brudder ukomm. Alles ass an der Rei. Ere

Freier wöllt neischt vun dem décke Bauer sengem  
Méchche wössen. Hien wöllt sech nemmen mat iech  
bestueden an hien huet gesot fir O'schtermédeg.  
Sitt dir elo eröm bero'egt an zefridden.

Rosalie : Ech mengen eso', mais wât hât de' Geschicht mech an  
Opréngong bruecht, ech hun et bâl net me' ausgehâlen.

Lucie : Gesitt dir emol, et gét emmer besser we' é mengt.  
Elo ass de' Sâch jo arrange'ert, da braucht dir net  
me' hém ze goen.

Rosalie : Mei Brudder, de Cantonnier, ass awer e schicke Kérel,  
hien huet sei Wuert gehâl. A mei Freier och; wa mein  
Pirchen eso' fro' ass mat mir, we' ech mat him ---  
da gi mir glécklech.

MmeTusch: A mir wönschen iech vill le'f, sché Kanner.

Rosalie : Sche'n, d'Hâptsâch ass, dat de' Opréngong erlanscht  
ass. Mais ech wöll op alle Fall mein Certificat  
vun der Loftdâf.

Jeanne : Dât kritt dir, ech fe'eren iech an ech stellen iech  
selwer d'Pabeieren dovun aus.

Rosalie : Merci fir er Gentillesse, elo sin ech fro'.

Jeanne : Vive d'Joffer Rosalie.

Rosalie : Duerfir kritt dir eng Bés, an ech bezuelen iech ér  
Plâtz an der Flémaschin.

Jeanne : Dât braucht dir och emol net, et kascht iech kén  
Centime. D'Madame Tusch, meng Fröndin, huet mir e  
puer Gratisbillet'en gan.

Rosalie : Dât ass bâl ze vill. Hei ass en Haus wo' et mat den  
Dausenden akennt. Entschöllegt mech awer, dass ech  
iech er Zeit geholl hun mat all menge Geschichten.

Lucie : Am Ge'gendél, mir si fro' fir iech dat er Sâch an  
d'Rei kent.

Jeanne : Mir denken nach oft drun, we' d'Rosalie wollt fléen.

Rosalie : Pardon, we' et fir d'e'scht geflunn ass. Ech wert dénen  
zwé schons eppes vormâchen, dem Késkätt an der Crèmerie  
an dem Treipeliss am Metzleschboutik. An da kâfen ech  
e ganze Ko'p Dragéen vir ze verdélen fir meng Loftdâf.  
Awer de' zwé, de' gesin ké Schwanz dervun. An elo virun.

(Motorgedeisch, Leit de' ruffen, etc. Si gin alleguer fort.  
Mme Tusch rifft hir Reklam: Loftdâf, Loftdâf etc.)

R I D E A U